Rapport 2016

piratepartei süden

Süd-Kongress 2015-2016
13.02.2016

Rodange, den 13.02.2016

Present:	Entschëllegt:
Jules Weber, Marc Georgen, Jorg Willekens, Salomé Martin, Cedric Heinen, Camille Liesch, Gilles Mertz, Christopher Quintus	Libor Chmelik, Starky Flor, Carlo Gambiattasti, Sylvie Schmit
Net Entschëllegt:	**Gëscht:**
Nathalie Graf, Michele Stiefer (Lala)	Keese Préifer: Alain Knaff Vicky Bernard, Tatjana Goedetr
Präsidium:	
Parteipresident Sven Clement	

Dagesuerdnung

Ab 18h30 Auer: Akkreditéierung

19h00 Auer: Eréffnung vum Süd-Kongress

Begréissung duerch de Südbezierkspräsident: Jules Weber

19h10 Auer: Wal vun de Versammlungsämter:

Versammlungsleedung, Protokollant, Walhelfer

Approbatioun vun der Dagesuerdnung

Wal vun den Unträch

19h15 Auer: Rieden

19h45 Auer: Entlaaschtung vum aktuelle Süd-Comité

Rapport 2016

piratepartei süden

19h50 Auer: Wal vum neie Süd-Comité an de Keese Préifer

20h00 Auer: Oppen Diskussioun

Présencen

Präsenz waren 8 stëmm berechtegt Memberen aus dem Südbezierk:

Jules Weber, Marc Georgen, Jorg Willekens, Salomé Martin, Cedric Heinen, Camille Liesch, Gilles Mertz, Christopher Quintus,

Memberen aus dem Südbezierk. Entschëllegt fir hir Absence goufen den Libor Chmelik, de Starky Flor.

Entschëllegt: Carlo Gambiattasti.

Als Vertrieder vum Präsidium ass de Parteipresident, de Sven Clement, eis erof an de Süde besiche komm. Den Alain Knaff als Keese Préifer huet eis och d'Éier erwisen.

Ernennung vun de Versammlungsämter

Hunn sech fräiwëlleg gemellt: Vicky Bernard an Tatjana Goedert. De Kongress bedankt sech nach eng Kéier fir d'Hëllef.

Versammlungsleedung ass vum President (Jules Weber) iwwerholl ginn.

Approbatioun vun der Dagesuerdnung

D'Dagesuerdnung ass ouni Weideres vum Kongress ugeholl ginn.

Wal vun den Unträch

Untrach 1, Intitulé iert "2 Vize-President vir de Bezierk Süden", abruecht vum Libor Chmelik ass no kuerzer Diskussioun eestëmmeg ugeholl ginn vum Kongress. D'Beschreiwung vum Antrag seet, wiertlech zitéiert: " Well mir als Bezierk Süden den gréissten Bezierk sinn wär et dach besser

wann mir een zweeten Vize-President hätten, wouduerch een besser schaffen kéint". De Punkt ass abruecht ginn vum M. Clement dass dat an der Bezierkssatzung vum Südbezierk misst spezifesch erwänt ginn. Um nächste Süd-Comité (Datum nach net ginn) sollen da weider Décisiounen zu dësem Punkt décidéiert ginn.

Untrach 2, Intitulé iert "Fix-Posten vir en Vertrieder vun den Jonk Piraten (JoPi) am Süd-Comitée", abruecht vum Christopher Quintus, ass och eestëmmeg ugeholl ginn. D'Beschreiwung dovunner, zitéiert: "Fix-Posten vir en Vertrieder vun den Jonk Piraten (JoPi) am Süd-Comitée mat Stëmmrecht. Well et am Joer 2015 gutt geklappt huet mam Vertrieder vun den JoPi am Süd-Comitée kéint een den Posten jo elo Fix an bauen, an dem Vertrieder dann och Stëmmrecht ginn am Süd-Comitée." De Christopher huet op Nofro zougestëmmt den Antrag nach ze spezifizéieren. Dëse muss och nach an eng Bezierksregierung agebaut ginn fir gülteg ze ginn.

Wal vum neie Comité

No der Entlaaschtung vum ale Comité si folgend Posten sinn nei gewielt ginn:

President, 2 Vizepresidenten, Sekretär, Trésorier, Vertrieder-JoPi, 5 Comitésmemberen, 2 Keese-Préifer.

Rapport 2016

piratepartei süden

Hai d'Resultater vun den eenzelne Wahlgäng:

Posten	Kandidaten	Stëmmen
President	**Jules Weber** Jorg Willekens	7 / 8 1 / 8
2 Vizepresidenten	**Cedric Heinen** **Camille Liesch** Libor Chmelik	8 / 8 4 / 8 2 / 8
Sekretär	**Starsky Flor**	7 / 8
Trésorier	**Salomé Martin**	6 / 8
Vertrieder-JoPi	**Chritopher Quintus**	8 / 8
Comité	**Marc Georgen** **Jorg Willekens** **Libor Chmelik**	8 / 8 7 / 8 5 / 8
Keessepréifer	**Alain Knaff** **Gilles Mertz**	8 / 8 7 / 8

Oppen Diskussioun

All Membere sinn häerzlech invitéiert den 29.02 op eng Diskussiounsronn an den PPHQ zu Kopstal wou d'Gemengewalen 2017 ugeschwat ginn.

De nächste Süd-Comité sollt dann och nach a nächster Zäit beschloss ginn. De President gëtt dozou nach ee Mail raus.

Nom Kongress ass dunn da nach ee Patt gedronk gi souwéi gutt Iesse servéiert ginn. Mier soen dem Café COMEBACK 1, rue du Commerce L-4812 Rodange Merci fir d'Bereedstelle vu Logis a Kascht.